



Äntwert vun der Madamm Inneministesch, Taina Bofferding, op d'parlamentaresch Fro n°5252 vun der honorabeler Deputéiert Carole Hartmann zum Sujet "Remboursement pour les communes à l'aide du "Formulaire Intempéries""

Bis den 13. Dezember 2021 krut den Inneministère 15 Demandë vu Gemengen a Gemengesyndikater eran op Basis vun engem spezielle Formulaire, deen den Inneministère fir d'Declaratioun vu Schied um Équipement collectif an den Gemengen erstallt huet.

Wann eng Gemeng oder e Syndikat eng Demande erageschéckt huet an d'Devisen nodréiglech ugepasst musse ginn, brauchen d'Gemeng oder de Syndikat keen neie Formulaire auszufëllen. Dës Adaptatioune maache mir op Basis vun den Informatiounen, déi d'Gemeng oder de Syndikat eis matgedeelt hunn.

Aktuell ass et nach net méiglech fir anzeschätzen, wéi héich d'Schied insgesamt sinn. Dem Inneministère ginn och nëmmen déi Schied gemellt, déi u Propriétéite vu Gemengen oder Syndikater entstane sinn an déi weder vun enger Assurancëgesellschaft, nach vun anere staatlechen Instanze rembourséiert ginn.

Iwwert de Formulaire "Intempéries" kënnen déi betraffe Gemengen a Syndikater all déi Schied deklaréieren, déi an hirer Propriétéit leien, ënner anerem och déi un de provisoereschen Infrastrukturen.

D'Demandë gi vun der Direktioun vun de Gemeengefinanzen, an Zesummenaarbecht mat der Direktioun vun der ziviller Sécherheet, traitéiert. Als weider Kontaktméiglechkeet gouf d'E-Mail-Adress intemperies@mi.etat.lu speziell dofir ageriicht.

Am Staatsbudget ass fir d'Joer 2022 eng Enveloppe vu 5 Milliounen Euro virgesinn, fir d'Gemenge finanziell z'entschiedegen.

Déi éischt Remboursementer wäerten Ufank 2022 gemaach kënnen ginn, wa bis déi éischt Dossiere komplett sinn.

Lëtzebuerg, den 14/12/2021.
D'Inneministesch
(s.) Taina Bofferding